PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
27 NOV. 2019
1538

Lëtzebuerg, den 27/11/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Justiz weiderzeleeden.

Duerch d'Gesetz vum 13te Januar 2019 gouf de Registre des bénéficiaires effectifs (RBE) agefouert. Säitdeem sinn d'Societéiten zu Lëtzebuerg opgefuerdert, den Notznéisser vun enger Entreprise oder ASBL ze identifizéieren. De leschten Delai dofir leeft den 30. November 2019 of. Am Gesetz steet allerdéngs näischt iwwert Societéiten, déi sech an enger Faillite befannen. Tatsächlech ass et bei enger Faillite de Curateur, deen d'lafend Geschäfter an domadder och d'Responsabilitéit vun enger Societéit iwwerhëlt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gëllt ee Curateur bei der Faillite vun enger Firma als neie Bénéficiaire effectif?
    - Falls jo, ass de Curateur responsabel, fir d'Donnéeë vun der Societéit am RBE anzedroen?
        - Falls jo, ass de Curateur fir d'Net-Aschreiwung vum Bénéficiaire effectif am RBE haftbar a muss an deem Fall déi gesetzlech virgesinne Geldstrofe bezuelen?
    - Falls nee, wien gëtt am Fall vun enger net clôturéierter Faillite als Bénéficiaire effectif am RBE agedroen?

2. Goufen nom Akraafttriede vum Gesetz vum 13te Januar 2019 fir all d'Societéiten, déi an enger net clôturéierter Faillite waren, d'Bénéficiaires effectifs agedroen? Falls nee, firwat net?

3. Wéi vill Societéiten, déi sech an enger net clôturéierter Faillite befannen, sinn Stand haut (voire Enn November) net am RBE ageschriwwen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Luxembourg, le 20 janvier 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 JAN. 2020

Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

L-2450 LUXEMBOURG

Réf. : Co/QP1538-02/PZ-rg

Objet: **Question parlementaire N° 1538 du 27 novembre 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen**

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Pour le Ministre de l'Économie

Tom Theves
Premier Conseiller de gouvernement

Dossier suivi par : Paul Zenners, tél : 247-74126 ; email : paul.zenners@eco.etat.lu

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 46 04 48
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.public.lu
www.gouvernement.lu
www.eco.public.lu

126-000010-20040525-rR

Réponse commune de Monsieur le Vice-Premier ministre, ministre de l'Économie, Étienne Schneider, et de Madame la ministre de la Justice, Sam Tanson, à la question parlementaire n°1538 de Monsieur le député Marc Goergen au sujet des bénéficiaires effectifs dans le cas d'une faillite

D'Situatioun vum Curateur bei der Faillite ass änlech wei d'Situatioun vum Liquidateur. Falls keng Persoun als Bénéficiaire effectif identifizéiert ginn ass, muss de Curateur als « dirigeant principal » agedroe ginn.

D'Responsabilitéit fir d'Androe vum Bénéficiaire effectif am Registre des Bénéficiaires effectifs läit beim Curateur well d'Dirigeante vun enger Gesellschaft no der Faillite am Prinzip net méi fir d'Gesellschaft agéiere kënnen.

Op de 5. Dezember 2019, goufen et 4171 Societéiten déi an enger net clôturéierter Faillite waren. Vun deene Societéite waren nëmmen 364 am Registre des Bénéficiaires effectifs agedroen.

Eng Entrevue huet stattfonnt mat Vertrieder vum Barreau (meeschtens sinn d'Curateuren Affekoten) fir iwwer des Situatioun ze schwätzen.

Eng méiglech Ursaach fir des Situatioun, ass dass d'Dirigeants principaux als Dirigeants Principaux am Registre des bénéficiaires effectifs agedroe ginn ouni weider Detailer, di och net vum Gesetz verlaangt sinn.

De Gestionnaire vum Registre des bénéficiaires effectifs (Luxembourg Business Register) envisagéiert fir 2020 d'Formulairen ze komplettéieren an esou d'Méiglechkeet ze gi fir fräiwëlleg ze präziséieren a wat vir enger Qualitéit een Dirigeant principal agedroe ginn ass (zum Beispill, all Curateur). Dat wäert dozou bäidroe fir kloer den Ënnerscheed ze maachen tëscht engem Dirigeant principal deen Administrateur oder Gerant ass, an enger Persoun déi Liquidateur oder Curateur ass.